



**Réponse du ministre de l'Économie, Franz Fayot, à la question parlementaire n°7318 du 5 décembre 2022 de Monsieur le Député Marc Goergen au sujet de la zone d'activités « Au Grand Bis »**

D'Ëmsetze vun der Zone d'activités " Au Grand Bis" ass keng Fro vum Besëtzt vun den Terrainen, mee vu legislativen, reglementareschen an technesche Begebenheeten. De Staat huet dem Gemengesyndikat SIKOR, dee fir d'Entwécklung an d'Gestioun vun der regionaler Aktivitéitszone "Au Grand Bis" zoustänneg ass, d'Terrainen am Mäerz 2021 iwwert en Droit de superficie zur Verfügung gestallt.

Entspriechend dem ofgeännerte groussherzogleche Reglement vum 8. Mäerz 2017 iwwer de Contenu vum PAG vun enger Gemeng, läit d'Gestioun vun de regionalen Aktivitéitszonen an der Kompetenz vu Gemengesyndikater. Dem Staat seng Roll bei regionalen Aktivitéitszonen ass reng ënnerstëtzend.

De leschte Kontakt vum Wirtschaftsministère mat der Péitenger Gemeindeverwaltung an dem Syndikat SIKOR war am Juli 2021 an huet d'Devise fir d'Infrastrukturaarbechten an d'Kompenséierungsmesure betraff, déi hunn misten aktualiséiert ginn. De Wirtschaftsministère ass am November 2022 iwwert déi nei aktualiséiert Devisen informéiert ginn. Dem leschte Wëssensstand vum Wirtschaftsministère no, hunn verschidden Etude missten aktualiséiert ginn, ënnert anerem duerch d'Decontaminatioun vum Site déi néideg ass.

Den aktuelle Stand vun de Prozeduren erméiglecht et de Moment net en Zäitpunkt oder Delai unzegi wéini d'Zone soll amenagéiert a fäerdeg gestallt ginn.

Luxembourg, le 10/01/2023

Le Ministre de l'Économie

(s.) Franz Fayot